ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 6091
Reçue le 25.04.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.04.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 271/2022
25 AVR. 2022
A traiter par:
Copie à:

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 22. Abrëll 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

De mëttlerweil zeréckgetruedenen ukrainesche Landwirtschaftsminister Roman Leshchenko huet sech rezent op EU-Niveau dofir staark gemaach, datt d'Ukrain hir landwirtschaftlech Produkter um EU-Territoire iwwert de Landwee exportéiere soll kënnen, fir dës ë.a. och iwwert d'Séihäfe vun de EU-Memberlänner un Drëttstaaten ze verschëffen an enger droender Liewensmëttelknappheet entgéintzewierken. An deem Kontext bestinn, wéi et schéngt, awer eng Rei bürokratesch Hürden. An deem Sënn huet de Roman Leshchenko ë.a. d'Aussetze vun der Exportlizenzreegelung fir ukrainesch landwirtschaftlech Produkter gefuerdert. Vum Europapolitiker Norbert Lins, dee Virsëtzende vum Landwirtschaftsausschoss an der EU ass, heescht et iwwerdeems, datt e Bréif, dee vun alle Fraktioune matgedroe gouf, un d'EU-Kommissioun geschéckt gouf, deen och d'Fuerderunge vum Roman Lushchenko opgräift.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister:

1. Ënnerstëtzt de Lëtzebuerger Landwirtschaftsministère explizitt déi uewe genannte Fuerderung, sech op EU-Niveau dofir staark ze maachen, datt d'Ukrain hir landwirtschaftlech Produkter um EU-Territoire iwwert de Landwee soll exportéiere kënnen?
2. Wéi eng Mesurë ka Lëtzebuerg elo konkret huelen, fir d'Ëmsetze vun dëser Fuerderung ze ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6091 vum éierbaren Deputéierten Jeff Engelen

1. **Ënnerstëtzt de lëtzebuerger Landwirtschaftsministère explizitt déi uewe genannte Fuerderung, sech op EU-Niveau dofir staark ze maachen, datt d'Ukrain hir landwirtschaftlech Produkter um EU-Territoire iwwert de Landwee soll exportéiere kënnen?**

   Souwuel de lëtzebuerger Landwirtschaftsministère wéi och de Mobilitéitsministère ënnerstëtzen explizitt all Mesuren, déi hëllefe sollen, ukrainesch landwirtschaftlech Produkter iwwert den EU-Territoire an d'EU an an Drëttstaten z'exportéieren.

2. **Wéi eng Mesurë ka Lëtzebuerg elo konkret huelen, fir d'Ëmsetze vun dëser Fuerderung ze ënnerstëtzen?**

   Den Transport vun ukrainesche landwirtschaftleche Produkter wäert net konkret iwwer lëtzebuerger Territoire verlafen, an dofir ass och net geplangt fir spezifesch Mesuren ze huelen.

   Op EU Niveau gëtt et eng informell Koordinatioun fir Problemer an der Logistik z'identifizéieren a konkret Solutiounen ze fannen. Nieft dësem reegelméissegen Austausch op héijem Niveau si verschidde Mesurë geholl ginn oder sinn amgaangen ausgeschafft ze ginn, fir den Transport vun ukrainesche landwirtschaftleche Produkter z'ënnerstëtzen. D'lëtzebuerger Regierung ënnerstëtzt all déi Mesuren.

   Am Moment gëtt grad un enger zäitweileger Liberalisatioun vum Gidderverkéier op der Strooss tëscht der EU an der Ukrain respektiv Moldawien geschafft.

   Zudeem huet d'EU-Kommissioun den 12. Mee 2022 eng Kommunikatioun publizéiert zu engem EU-Aktiounsplang fir Ënnerstëtzung ze leeschte beim Export vun ukrainesche landwirtschaftleche Produkter, des Kommunikatioun heescht "Solidarity Lanes" a gëtt vun eis ënnerstëtzt.

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN